N° 6196
Reçue le 16.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.05.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5018 vum 27. September 2021, huet d'Regierung zu der Reorganisatioun vum Schoulsport, déi opgrond vun der Zerstéierung vun der Gemengesportshal duerch d'Héichwaasser am Juli 2021, souwuel um Niveau vun der Primärschoul wéi vum Iechternacher Lycée néideg gouf, dat hei geschriwwen: "*Duerch déi exemplaresch Zesummenaarbecht vu sämtleche concernéierte Partner vun der Schoulcommunautéit konnt unhand vun enger Ëmorganisatioun vun de Stonnepläng a Verbindung mat Kooperatioune mat den Nopeschgemenge kuerzfristeg eng Léisung fonnt ginn, fir de Schüler och weiderhin ee flotten an ofwiesslungsräiche Sportunterrecht ze erméiglechen*".

Zum Volet vum Schwammunterrecht war dat heiten ze liesen: "*Aktuell ass et leider fir d'Iechternacher Grondschoul net méiglech, de Schwammunterrecht ofzehalen, mee och heifir gëtt aktuell intensiv no Léisunge gesicht sou datt och dee viraussiichtlech am Wanter stattfanne kann*". Zu der Fro vun der weiderer Kooperatioun tëschent Lycée a Gemeng an deem Dossier huet d'Regierung dunn nach dat hei geäntwert: "*Den Iechternacher Lycée huet direkt no der Iwwerschwemmung, an de Reunioune mat der Gemeng an deenen anere staatlechen Instanzen, säin Averständnes signaléiert, fir datt d'Gemeng eng provisoresch Sportshal op deem Terrain kann opriichten* [...] *De Projet vun der provisorescher Sportshal ass nach an der Ufanksphas an dowéinst sinn d'Diskussiounen iwwert d'Ënnerhaltskäschten nach net ofgeschloss".*

Am Artikel "*Ich bin maßlos enttäuscht*", deen den 12. Mee am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, huet et awer geheescht, datt de Projet vun enger provisorescher Gemengesportshal, deen an Zesummenaarbecht mam Iechternacher Lycée um Terrain vun deem selwechte sollt realiséiert ginn, opgrond vun engem Eclat tëschent der Gemeng an der Direktioun vum Lycée elo annuléiert gouf. D'Containeren, déi zu engem Käschtepunkt vun 8 Milliounen Euro vun der Gemeng fir dëse Projet bestallt goufen an am Juni geliwwert ginn, sollen elo op der Wiss tëschent der Gare an dem Fussballsterrain opgeriicht ginn. Dëst gouf méiglech, well d'Gemeng deen entspriechenden Terrain scho viru Jore fir de potenziellen Ausbau vun der Iechternacher Gare opkaf hat.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert den Här Schoulminister dorop, datt d'Kooperatioun tëschent der Iechternacher Gemeng an dem Lycée elo nach a sou enger spéider Phase geplatzt ass?
2) Op wéi eng Manéier gouf de Schwammunterrecht an der Primärschoul an dem Lycée mëttlerweil reorganiséiert?

3) Falls déi provisoresch Sportinfrastruktur vun der Iechternacher Primärschoul effektiv hannert der Gare opgeriicht gëtt, wier dës nëmmen iwwert de Passage vun den Haaptverkéiersachse vun der Stad Iechternach ze erreechen. Ginn hei zukünfteg Bussen agesat, fir d'Sécherheet vun de Schüler um Wee fir bei d'Sportshal ze garantéieren an och fir d'Zäitverloschter ze limitéieren?
4) Beim lo just genannte Zitt, stellt sech änlech wéi bei der Lokalitéit vun der aler Sportshal, op mannst am Fall vun extreme Wiederereegnesser, sou wéi mir se zum Beispill am Juli 2021 erlieft hunn, d'Fro vum Héichwaasser. Et lafen zu zwou Säite Baache laanscht den envisagéierten Terrain an am Fall vu staarke Reefäll gëtt e reegelméisseg iwwerschwemmt. Dat war bis elo net dramatesch well d'Waasser an der Wiss gutt konnt ofzéien. Op wéi enger Manéier gëtt dëser Problematik an de Pläng zum Amenagement vum Terrain Rechnung gedroen?
5) Am Oktober gëtt déi nei Sportshal vum Iechternacher Lycée fäerdeg gestallt. Wéi wäit kann dës Gebai, wat opgrond vu senger zentraler Positioun tëschent dem Lycée an der Primärschoul fir béid Parteie liicht accessibel ass, vun der Primärschoul matbenotzt ginn?
6) An deem zitéierten Artikel heescht et och, datt d'Direktioun vum Iechternacher Lycée gäre bereet gewiescht wier, de lokale Sportsveräiner déi nei Sportshal vum Iechternacher Lycée, mat unzebidden. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Ursaachen opgrond vun där neier Entwécklung, esou wéi vum Lëtzebuerger Wort ugedeit, elo géint esou eng Kooperatioun schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6196 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Ech bedaueren, datt déi staatlech Servicer an d'Stad Iechternach sech net eens gi sinn, wat d'Opriichte vun enger Gemengesportshal op staatlechem Terrain ugeet.

**Ad 2)**

D'Schülerinnen a Schüler vum Lycée ginn net schwammen, bis d'Stad Iechternach eng nei Schwämm opgeriicht huet. An dësem Projet, grad wéi a sëllechen aneren, schaffe Staat a Gemeng weiderhi gutt zesummen. Besonnesch ervirhiewe wëll ech d'Bereetschaft vun der Stad Iechternach, d'Klasse vum Centre de compétences du développement intellectuel an hirer neier Grondschoul opzehuelen. Dat selwecht gëllt fir déi onkomplizéiert Aart, Raum fir ukrainesch Flüchtlingskanner zur Verfügung ze stellen.

**Ad 3) a 4)**

Dës zwou Froe falen eenzeg an eleng an d'Kompetenz vun den Iechternacher Gemengenautoritéiten.

**Ad 5) a 6)**

Den Iechternacher Lycée ënnerstäicht weiderhin säi Wëllen, all seng Sportsinfrastrukturen, sief et bannen oder baussen, wärend deenen Zäitfënsteren, wou en se selwer net brauch, deenen anere Schoulen zu Iechternach, den Iechternacher Sportsveräiner an dem Loisir zur Verfügung ze stellen.

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH